

2. Ordre du jour

Erlaabt mer nach kuerz op eisen Ordre du jour vun haut de Mëtteg zrëckzekommen.

Wéi Dir wësst, gëtt d'Sitzung spëtstens um sechs Auer ofgeschloss.

Falls verschidde Punkte vun eiser Dagesuerdnung haut net méi dru kéimen, gi se op den nächsten Dënschdeg verluegt.

3. Octroi de l'honorariat de leurs fonctions à d'anciens fonctionnaires du Greffe

Opgrond vun enger Décisioun vum Büro a nom Artikel 30 vum Beamtestatut vun der Chamber gëtt folgenden ehemolege Beamte vum Greffe den Éierentitel vun hirer Fonctioun verliehen:

der Madame Marianne Weyer, Premier Conseiller,

dem Här Paul Fisch, Inspecteur principal 1er en rang,

der Madame Lony Friedrich-Hansen, Inspecteur principal 1er en rang, an

der Madame Gaby Kieffer-Holtz, Inspecteur principal 1er en rang.

Mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4805 iwwert de Conseil Supérieur de l'Education Nationale. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluegt. Et si bis elo agedroen: d'Mme Nicklaus, déi Häre Scheuer, Bettel, Colombara, Garcia a Bisdorff.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, déi honorabel Mme Agny Durdu.

4. Projet de loi 4805 portant institution d'un Conseil Supérieur de l'Education Nationale

Rapport de la Commission de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports

Mme Agny Durdu (DP), rapportrice. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, bei dësem Gesetzesprojet dréint et sech dorëm, fir dem Conseil Supérieur de l'Education Nationale eng legal Basis ze ginn. Deen een oder anere wäert sech soen: "Ma mir hunn dach esou ee Conseil Supérieur de l'Education Nationale, firwat dëst Gesetz?"

Mir hunn esou een Organ, mä dat fousst bis ewell op engem Règlement ministériel vum 2. Abrëll 1963, wat zwar an der Zwëschenzäit méi wéi eng Kéier adoptéiert ginn ass,...

(Coups de cloche de la Présidence)

...mä ees wéi ees ass d'Base légale, wann een esou soen därerf, bis ewell ëmmer nëmmen e Règlement ministériel gewiescht. Et goufe Stëmmen, déi gemengt hunn, dass

dëse Conseil national ee gréissert Gewicht hätt kënne bis ewell an der Education nationale hunn, wann et eng richtig Base légale gehat hätt. Grond genuch, firwat dass déi nei Regierung am Koalitiounsaccord festgehalten huet, fir dëse Conseil national an engem Gesetzestext ze verankeren.

D'Mme Brasseur huet an deem Kontext dëse Projet de loi de 6. Juni 2001 deponéiert. E gouf aviséiert vum Statsrot den 29. Januar 2002 an net 2001, wéi et fälschlecherweis a mengem Rapport steet, an nodeems dass mer an der Chamberskommissioun den 28. Februar 2002 den Text analyséiert an amendéiert hunn, huet de Statsrot en Avis complémentaire de 16. Abrëll 2002 ginn. Dee war dann och d'Basis gewiescht, dass mer dëse Rapport deponéiere konnten an deen ech lech och elo hei virdroen.

Bei dësem Gesetzestext handelt et sech ëm véier Artikelen, déi mer analyséiere kënnen. Den éischten Artikel kreéiert de Conseil Supérieur de l'Education Nationale an hält fest, datt en ënnert d'Autoritéit vum Minister gestallt gëtt. Den Artikel 2 beseet, dass de Conseil en Organe consultatif fir de Minister ass, fir en ze beroden iwwer alles wat d'Education nationale betrëfft a ganz besonnesch all déi Froen, déi iwwert déi grouss Orientierungen vum Système éducatif ginn. Dëse Conseil schafft entweder, well de Minister e freet fir Avisen ofzeginn oder awer well dat Organ déci-deiert, sech selwer ze saiséieren an ze schaffen.

De Statsrot huet folgend Remarken zu dësen zwee Punkte gemaach:

1. De Statsrot war relativ erstaunt, datt keng Avise vun de Chambres professionnelles virgeleeën hunn. Ech muss do ehrlichkeitshalber soen, dass bis zu deem Datum, wou mir de Projet analyséiert hunn, keng Avise vun de Chambres professionnelles erakomm waren. Mëttlerweil ass dee vum Commerce erakomm, awer soss keen.
2. Weider sot de Statsrot, datt e keng Objection huet. De Statsrot ass zwar skeptesch an deem Punkt, datt mer onbedéngt missten hei eng Base légale fir dëst Organ schafen, huet awer do keng weider Bedenken ugemellt. Dat eenzegt wat en ze bedenke gouf a wou e sech Froe gestallt huet, dat war d'Fro: Wat ass mat der Education supérieure, ass déi och viséiert mat dësem Projet de loi, jo oder neen?

Mir hunn an der Chamberskommissioun déi Diskussioun gefouert a sinn zur Konklusioun komm, dass der Education supérieure Rechnung gedroe gëtt, well am Artikel 2 ass et ganz kloer zrëckbehale ginn, dass déi ganz Education nationale viséiert ass, also och d'Education supérieure. An deem Projet de règlement grand-ducal, deen dann definitiv deponéiert gëtt, ass virgesinn, dass een dee Member vum Conseil Supérieur de l'Education Nationale ass, och Member gëtt an deenen Organer, déi an deem Organ vum Conseil supérieur si wäerten.

Den Artikel 3 erkläert dann och, wien dann elo d'Membere sinn, déi an deem Conseil supérieur siégéieren, an dat sinn

da véier Partenairen oder véier Zorte vu Partenairen an ech liesen lech se ganz einfach vir, et sinn "...les parents, les étudiants et les élèves...", dat ass déi éischt Kategorie. Zweetens, "...les représentants du personnel enseignant...", drëttens "...les représentants des autorités en rapport avec l'école..." a véiertens "...les représentants du monde économique, social, associatif et culturel".

Et sinn am Fong geholl och déi véier Kategorië Partenairen, déi mir als Chamberskommissioun eis an eise letzten Debatten erausgewielt hunn, sou gutt beim Débat d'orientation, wéi bei eisem Débat, dee mer nach wëlles hunn ze organiséieren no der PISA-Etüd, sou dass mer nëmmen der Regierung félicitéiere kënnen fir dës véier Kategorien. De Statsrot hat hei dozou gemengt, datt d'Gemengen onbedéngt missten hei e Matsprochrecht kréien. Deem hu mer dann och Rechnung gedroen an der Regierung mat op de Wee ginn, déi dat och akzeptéiert huet, fir e Member vum SYVICOL an déi drëtt Kategorie, dat heescht bei den Autorités en rapport avec l'école, virzugesinn.

Op d'Meenung hi vun där gréisster Oppositionspartei, hu mer och festgehalten, datt d'Représentants du monde culturel och sollen hei virgesi sinn. Ee Wonsch, deem mer ganz gären nokomme sinn, well et dat Bild ofronnt vum Conseil Supérieur de l'Education Nationale. Den Artikel véier vum Gesetz beseet dann, datt d'Organisation an d'Fonctionnement vum Conseil Supérieur de l'Education Nationale iwwer Règlement grand-ducal fonctionnéiere soll. Do dozou hat de Statsrot och keng Opposition ugemellt, huet awer gemengt, vu dass de Règlement grand-ducal eleng Jetons de présence virgesinn huet fir déi eenzel Memberen, datt dat net eleng kéint iwwer Règlement grand-ducal goen, mä datt dat am Gesetzestext verankert si misst. Aus deem Grond hate mir herno als Chamberskommissioun en Amendement zum Artikel véier erabruucht an deem huet de Statsrot och positiv aviséiert.

Voilà, no deenen Erklärungen, déi ech lech hei gi konnt, hoffen ech, dass dës Projet de loi, grad esou wéi an der Chamberskommissioun, den Accord vun alle Parteie fanne wäert. Ech soen lech merci fir d'Nolauschteren.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Als éischt Diskussionsriednerin ass d'Madame Ferny Nicklaus-Faber agedroen. D'Mme Nicklaus huet d'Wuert.

Discussion générale

Mme Ferny Nicklaus-Faber (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt wollt ech der Rapporteuse, der Mme Agny Durdu, merci soe fir hiren ausféierlech schrëftlechen a mëndlechen Rapport. Ech wäert net méi am Detail op dës Projet agoen, mä just e puer Aspekter erausgräifen, iwwert déi mer an der Educationskommissioun diskutéiert hunn.

Dir Dammen an Dir Hären, et schéngt wéi wann an eisem Bildungswiesen säit dem Dezember 2001 eng nei

Zäitrechnung ugefaangen hätt: Eng Phas viru PISA an eng Phas no PISA. Säit der Publikatioun vun dëser internationaler Etüd schéngt am Lëtzebuerger Bildungssystem näischt méi esou ze sinn, wéi et eemol war. Vill Leit hu sech zu Wuert gemellt, sief et an der Lëtzebuerger Press oder iwwert déi elektronesch Medien. Et vergung keen Dag ouni Artikel, Communiqué oder Wuertmeldung iwwert d'Konsequenzen, déi mer aus dëser schwieere Kris vun der Bildungspolitik sollen a mussen zéien.

Et ass schwéier aus der Vielfalt vun Iddien a Léisungsvorschlägen dat eraus ze sondéieren, wat wierklech hëllefreich kéint sinn am Hëllef op eng Reform. D'Educationskommissioun huet sech während zwee Deeg intensivt an zesumme mat den Acteuren aus allen Enseignement iwwert d'Konsequenzen vun der PISA-Etüd auserneeegesat. Den Dialog mat de betroffenen Acteuren ass e wichtegt Instrument fir den Tuerm vu Pisa erëm riicht ze kréien oder op mannst an enger éischter Phas ze stäipen. Et kënn awer drop u wéi mer dësen Dialog féieren, och fir d'Zukunft an iwwert d'PISA-Etüd eraus.

Mir sinn eis all eens, fir ze soen, datt den Dialog zwëschen deenen eenzelne Partner an der Schoul verbessert gi muss. D'Hearingen an der Chamber hu sécher dozou bäigedroen eemol ze héieren, wat déi eenzel Interlocuteurs denken a wat si ze proposéieren hunn. Et ass awer och dältlech ginn, dass et u Selbstkritik säitens den Acteuren gefeelt huet, deenen et schwéier fält sech selwer a Fro ze stellen. De Conseil Supérieur de l'Education Nationale kann a muss e Forum sinn, wou all d'Partner, sief et d'Léierpersonal, d'Schüler an d'Elteren, Vertrieder aus de Ministère an aus de Gemengen, dem kulturelle Liewen, der Fuerschung an dem Héichschoulwiesen, sech kënnen ze Wuert mellen, fir gemeinsam Positionen auszeschaffen, déi op engem Konsens berouen.

Wéi soss kann ee vun deem anere gewuer ginn, wou de Schong dréckt a wou et Lacunë ginn. D'Schoul däerf net zu enger Zell ginn, wou all Acteur op sech selwer gestallt ass a wou sech deen een net fir deen aneren interesséiert. Et ass elo méi wéi een noutwendeg, fir den Dialog op eng nei an zolidd Basis ze setzen. De Conseil Supérieur de l'Education Nationale leescht an dësem Kontext e wichtige Beitrag, fir déi eenzel Partner am Lëtzebuerger Bildungswiesen zesummenzebréngen. Et muss e Forum sinn, wou iwwert déi essenziell Froen vum Enseignement diskutéiert gëtt.

Et ass am Rapport vun der Educationskommissioun nozelies, datt de Conseil scho säit dem 2. Abrëll 1963 existéiert. Et huet awer bis haut eng legal Basis gefeelt, déi dësem konsultativen Organ dat Gewiicht hätt kënn ginn, fir tatsächlech op d'Orientéierungen am Lëtzebuerger Bildungssystem anzewierken. Déi statutaresh Attributiounen waren och nëmme begrenzt, sou datt d'Avisen, déi an der Vergaangenheet ausgeschafft goufen net deen néidegen Drock konnten ausüben.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt nach e puer Wuert iwwert d'Zesummesetzung vum Conseil soen. D'Diskussioun ronderëm d'Resultater aus der PISA-Etüd hunn och d'Héichschoulwiese betraff. Et ass kee Geheimnis, dass mer par rapport zum Ausland ze mann Studenten op den Universitëiten hunn. D'Entreprisë bezéien hir Kadere verstärkt aus dem Ausland, well et hei zu Lëtzebuerg net genuch Universitäre ginn. Et ass virun allem an de Sciences, wou et ëmmer méi schwéier gëtt Lëtzebuerger Universitäre ze rekrutéieren. Et ass awer och gewosst, dass am Beräich vun den neien Technologien, wéi der Biochemie oder der Informatik, et nach en héicht Entwéicklungspotential gëtt, dës esou gutt op europäeschem, wéi och op nationalem Plang.

Natierlech gëtt sech an deem Kontext och d'Fro gestallt, ob d'Basiswëssen am Enseignement secondaire ze vill lacunaire ass, fir nach méi Schüler op d'Universitëiten virzubereeden. Am Kontrast dozou stinn awer déi gutt Taux de réussite vun eise Studenten am Ausland an op eisen Héichschoulen, déi zum Deel excellent Resultater virzeweisen hunn. Dës si beispillsweis nëmmen zwou Froen, déi beleen, wéi déi zwéi Enseignement matenee verbonne sinn.

Verschidden Acteuren aus dem Lëtzebuerger Héichschoulwiesen hu sech och bei de PISA-Hearingen ze Wuert gemellt. Et ass deemno noutwendeg och e Vertrieeder aus dem Conseil National de l'Enseignement Supérieur mat an de Conseil Supérieur de l'Education Nationale anzebannen, well d'Héichschoulwiesen an d'Fuerschung integrativ Bestanddeeler si vun eise Bildungswiesen.

Datselwecht betrëfft och de kulturelle Beräich, d'Mme Durdu huet dat och schonn ugeschwat, wou de Projet de loi a sengem Artikel virgesäit Vertrieeder aus dem kulturelle Liewen mat ze integréieren. E groussen Deel vum Enseignement gëtt an de Gemengen organiséiert. De Statsrot huet op dës Tatsaach higewisen a proposéiert e Vertrieeder aus dem SYVICOL mat an de Conseil ze integréieren, dës amplat vun engem Vertrieeder, dee vum Ministère bestëmmt gëtt. D'Kommissioun huet och deem Sachverhalt Rechnung gedroen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hoffen, dass deen neie Conseil Supérieur de l'Education Nationale weider säi Bäitrag leeschte wäert a konstruktiv de Ministère ënnerstëtze wäert. Ech wëll duerfir am Numm vun der CSV-Fraktioun den Accord zu deem Projet ginn.

Ech soen lech merci.

M. le Président. - Als nächste Riedner ass den Här Jos Scheuer agedroen. Den Här Scheuer huet d'Wuert.

M. Jos Scheuer (LSAP). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech géif d'Mme Unterrichtsminister bidden, fir e Malentendu aus der Welt ze schafen. D'Mme Durdu huet gesot, dass vu verschiddene Chamberen keen Avis erakomm wär, or et ginn zwéi Avisen, dat eent ass den Avis vun der Chambre des Employés privés, den zweeten

ass dee vun der Chambre de Commerce. D'Chambre des Employés privés beklot sech an engem Avis, deen den 19. Mäerz geschriwwen ginn ass, den 18. Abrëll awer eréischt bei eis komm ass, dass se net gefrot gi wär zu deem dote Projet, a se freet dann, fir déi Befroung ze institutionaliséieren: Dat soll net méi virkommen. Datselwecht ass och den Tenor bei der Chambre de Commerce - do schéngt iergendeppes net geklappt ze hunn. Op jidde Fall schreiwe se, wéi wann et dee Règlement grand-ducal net géif ginn, deen awer um Text vum Projet de loi schonn attachéiert war.

M. le Président. - D'Mme Brasseur wëll lech eppes soen.

Mme Anne Brasseur, Ministre de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports. - Effektiv waren déi Kommissiounen net an der Zäit consultéiert ginn. Dat ass e Feeler, dee bei mir ënnerlaf ass, fir deen ech mech entschëllege wëll, an ech hoffen, dass et net méi virkënnt.

M. Jos Scheuer (LSAP). - Merci! Ech si berouegt. Déi zwéi Avisen änneren näischt Fundamentales um Projet de loi. Am Fong gi se op déi Diskussioun net an, déi mir an der Chamberkommissioun gefouert hunn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Conseil Supérieur de l'Education Nationale gëtt et schonns zënter 1963. En huet eng berodend Funktioun fir de Schoulberäich, an zwar soll en déi grouss Orientatioun am Schoulsektor erausschelen, sou steet et am Exposé des motifs. De Conseil supérieur huet also d'Missioun fir Konzepter auszeschaffen. Dee Conseil supérieur ass een ënner aneren - dat muss een och eng Kéier ganz kloer hei op der Tribün soen. Et gëtt een am Beräich vun der Familljen, ee fir de Wunnensbau, et gëtt ee fir d'Fëscherei, et gëtt ee fir d'Juegd, et gëtt ee fir de Sport, et gëtt ee fir d'Energie, et j'en passe. De Conseil fir de Schoulsektor kritt also lo eng Base légale. D'Zesummesetzung gëtt och festgeluegt, fir d'éischt iwwert d'Gesetz an dann den Detail iwwert de Règlement grand-ducal. D'Finanzéierung gëtt regléiert, an de Fonctionnement gëtt och iwwer Règlement grand-ducal festgeluegt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech sinn ewell 18 Joer an der Chamber a vun deenen 18 Joer och 18 Joer an der Schoulkommissioun. Or war ech als Member vun där Schoulkommissioun nach net befaasst, menges Wëssens, mat engem Avis, dee vum Conseil supérieur ausgeschafft gi wier. Sou en Avis ass net agaang an d'parlamentaresch Aarbecht. Dat Mannst, wat ee soe kann, ass, dass d'Aarbecht vun deem Conseil supérieur äusserst diskret war. Ech weess elo net, ob d'Mme Minister dat bestätege kann. Ee vun den Objekten ass jo fir d'Ministère ze beroden. Kéint een dovunner ausgoen, Mme Minister, dass de Ministère méi oft, méi heefeg mam Conseil supérieur ze doen hat, wéi dat fir d'Chamber de Fall war? Ech wëll dat net ausbauen, mä de Conseil supérieur ass dat wäert, wat de Ministère de tutelle, wat déi verantwortlech Leit aus dem Ministère

doraus maachen. En ass awer och dat wäert, wat seng Membren aus him maachen.

Wat kann dee Conseil supérieur duerstellen? En Organ, e Gremium, wou Meenunge gesammelt ginn, wou Meenungen diskutéiert ginn, a wou déi Meenungen dann op en Nenner bruecht ginn. En Nenner, deen dann d'Basis ofgëtt fir politescht Handeln. Dee Conseil supérieur kann en Organ duerstellen, dat d'Synthesen tëschent ville Meenunge mécht, an en Organ, dat déi Synthesen och maache kann, well ronderëm deen Dësch jo Verrieder vun allen an der Schoul an am Ëmfeld vun der Schoul engagéierten an interesséierte Parteien setzen.

Mme Minister, dëst Gesetz an dëse Règlement grand-ducal kann eng Chance ginn. Mä dat kann nëmme geschéien iwwer an duerch déi Konditiounen, déi de Fonctionnement vun deem Conseil bestëmmen. Fir d'ëischt muss den administrativen Encadrement klappen. Fir d'ëischt muss en effikasse Büro geschaaft ginn. Zweetens muss d'Sekretariat gutt besat ginn - a lei ass d'Fro ze stellen, wéi vill Beamten dat Sekretariat kritt. Ginn et dräi, oder ginn et zwee Sekretären, wat de Minimum wier? An da gëtt et eppes Wesentleches, wat een an dësem Zesammenhank diskutéiere muss: Wat fir eng Qualifikatioun kréien déi Leit, déi dat Sekretariat do ausfëllen?

Dann e Wuert zur Kompositioun vun deem Conseil, dee jo awer am Règlement ganz prezis déterminéiert ass. Ursprüngelech waren iwwert dat Règlement 36 Membren am Conseil, dat missten der lo 38 ginn, wann een d'Kultur mat bäizielt. Et missten der awer wahrscheinlech 40 ginn, wann een och de Gemengen der zwee zougesteet. 40 Membren an dësem Gremium - dat sinn der vill. Dee Gremium ass grouss. Den Artikel 3 vum Gesetz nennt nëmme véier Gruppen. Ëischt Grupp Elteren, Schüler, Studenten; dann d'Léierpersonal; drëttens d'Schoulautoritéiten; a véiertens Verrieder aus dem Wirtschaftssecteur, dem Sozialberäich, dem gesellschaftleche Beräich an aus der Kultur. Iwwerens proposéiert d'Chambre de Commerce déi véiert Grupp nach eng Kéier ze splécken, an der Wirtschaft en eegene Grupp zouzegestoen, fir datt se net an datselwecht Dëppe geworf gi mat Associatiounen, déi eventuell net zu hinne passen.

Ech wollt ee Wuert zur Kultur soen. Mir haten en Amendement agereecht, datt eben d'Kultur och vertrauede sollt sinn, an der véierter Grupp an domadder am Conseil supérieur. Dat ass ugeholl ginn a mir sinn doriwwer ganz frou. Ech wollt awer do ee Wuert verléieren, iwwert den Hearing zur PISA-Etüd. Do war d'Kommissioun net bereet, fir an deen Hearing Verrieder aus der Lëtzebuurger Kulturszenen ze invitéieren; d'Argument war, dass zu Lëtzebuerg d'Kulturszenen net organiséiert ass, an et schwéier ass, e responsablen, representativen Usprechpartner ze fannen. Wann een dat logesch zu Enn denkt, da gëllt dat Argument natierlech och fir de Conseil supérieur an da gi mer dovun aus, datt an deem Règlement elo virgesi gëtt, e Verrieder vum Kulturministère dran-

zesetzen, an net e Verrieder oder e Member vun de sou genannte Forces vives culturelles, woubäi ech awer och wëllt soen, datt net onbedéngt e Widdersproch tëchent deem engen an deem anere bestoe muss. Mir gesinn dat positiv. D'Schoul an d'Kultur hu jo awer wirklech och eppes Klenges mateneen ze doen; dat sollt een net sou einfach vun der Hand weisen. Et kéint ee vill méi op déi Wiesselbeziehung agoen, wéi dat fir de Moment geschitt. Ze heefeg definéiert d'Schoul de Begrëff Kultur an d'Kultur gëtt zu deem Begrëff, deen d'Schoul draus gemaach huet, a si octroyéiert hir Opfaassung an d'Definitioun vu verschiddene kulturelle Beräicher de Schüler, déi duerch d'Schoul gaange sinn. Vläch ass hei d'Chance fir eng Inspiratioun vu baussen ze kréien, sou wéi dat beim Wirtschaftssecteur jo well de Fall ass.

Dann nach e Wuert zum Avis vum Conseil d'Etat. Hien huet sech Gedanken gemaach iwwert d'Relatiounen tëschent dësem Gremium an dem Conseil National de l'Enseignement Supérieur, dee jo iwwert d'Gesetz vum 11. August 1996 geschafen, oder festgeluegt ginn ass. De Verrieder vun dem Ministère, deen d'Héichschoulwiesen als Ressort huet, gëtt lo am Conseil supérieur ersat duerch e Verrieder vum Conseil National de l'Enseignement Supérieur. Do ass en Ënnerscheed. Domat gëtt eng minimal Verriedung tëschent deenen zwee Gremien hiergestallt: Och dat ass positiv. Mä et ass evident, a verschidde Virriedner hunn dat gesot - d'Mme Nicklaus huet et virun allem betount -, dass d'Zesummenaarbecht institutionaliséiert a geregelt muss ginn. Eng vun deenen éischten Aarbechte vun deem neie Conseil misst jo awer sinn, d'Interaktioun tëschent deem engen an deem aneren ze organiséieren.

Dat gesot, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, iwwerbréngen ech dann den Accord vun eiser Fraktioun zu dësem Projet. Et ass awer ganz kloer, dass domadder keng politesch Dispenz geschaf gëtt, fir och d'Programmer an d'Programmkonditiounen ze reforméieren, fir e Konzept fir d'Ganztagsschoul ze erstellen, an e Konzept fir d'Reorganisatioun vum Schoulwiesen, och wa PISA schonn um Ofklängen ass.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Xavier Bettel agedroen. Den Här Bettel huet d'Wuert.

M. Xavier Bettel (DP). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'ëischt wëll ech selbstverständlech der Présidente-Rapportrice, der Mme Durdu, fir déi ausféierlech Erklärung hei an der Chamber a fir de schrëftleche Rapport e grouse Merci soen.

De Conseil Supérieur de l'Education Nationale ass keen neit Organ. Ech mengen, déi meescht hunn et scho gesot: Et gëtt et scho säit dem Règlement grand-ducal vum 2. Abrëll 1963. Dat ass sécherlech eng Iwwerleeung wäert, virun allem dann, wann ee bedenkt, dat seng Existenz alles an allem op kenger legaler Basis

berout. Eng Situatioun, déi en conséquence eng gewësse Rei Problemer mat sech bruecht huet.

Ech zitieren aus dem Exposé des motifs vum heitege Projet de loi: Le Conseil Supérieur de l'Education Nationale "n'a pas de base légale. La limitation statutaire de ses attributions ne lui a pas permis de tenir suffisamment compte de l'interdépendance réelle des problèmes du monde éducatif. Pour remédier à cette situation, le présent projet de loi vise à accorder au Conseil Supérieur un statut à base légale de manière que cet organisme consultatif puisse jouer dorénavant un rôle primordial dans le discours entre les différents partenaires impliqués dans le processus éducatif."

Et ass vu grousser Wichtigkeet en Organ ze hunn, wat dem Educatiounsministère a senger Responsabilitéit zur Säit steet an den néidege Rot liwwert, fir déi grouss Orientatioun vum eisem Educatiounssystem auszeschaffen a Konzepter fir d'Instruktioun, d'Educatioun, d'Formation initiale a continue mat ze élaboréieren.

Fir de gudden Fonctionnement vum Conseil supérieur ze garantéieren, begrësse mir als demokratesch Partei virun allem, dass de Conseil sech aus alle Schoulpartneren zesummesetzt; dat heescht Représentants des parents étudiants et élèves, personnel enseignant, autorités en rapport avec l'école et les représentants du monde économique, social, associatif et culturel. Ouni dës gesond Mëschung wier et wahrscheinlech schlecht méiglech dee gesamte Spektrum vum de Besoinen a Problemer aus dem Schoulberäich effikass ze behandelen. Schonns am Kader vum Débat d'orientation iwwer eng Schoul vum der Intégration an och am öffentlechen Hearing an der Chamber zur PISA-Problematik huet sech erausgestallt, datt den Dialog an d'Concertatioun mat alle Schoulpartner den A an den O vum enger effikasser an engagierter Schoulpolitik sinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat sinn, fir d'Demokratesch Partei, genuch Grënn fir dësse Projet selbstverständlech ze stëmmen.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Jean Colombero agedroen. Den Här Colombero huet d'Wuert.

M. Jean Colombero (ADR).- Här President, Dir Dammen, Dir Hären, fir d'éischt e grouss Merci un d'Mme Durdu fir hire schrëftlechen a mëndleche Bericht. Dësse Gesetzesvorschlag beschäftegt sech mat der Schafung vum enger gesetzlecher Basis, fir de Conseil Supérieur de l'Education Nationale. Bis elo huet esou ee Conseil op Basis vum Règlement vum 2. Abrëll 1963 fonctionnéiert, hat awer net déi legal Basis, obschonn, wéi et am Exposé des motifs heescht, dass dësse Conseil ganz vill Rotschléi, Etüden, Propositionen oder Recommandatiounen ausgeschafft huet, esou gëtt sech säitens vum Ministère erhofft, datt eng legal Basis déi reell Interdependenz vum de Problemer

am Schoulwiese besser définéiere kann, an dass dësse konsultative Gremium e bessere a méi optimalen Dialog zwëschen Partneren ervirbréngen wäert. Et gëtt vum Diskussionsforum geschwat a vum enger globaler Vue vum Schoulwiesen, och soll sech dësse Gremium besser un dat europäescht Netz vum de Conseils d'éducation aglidderen an drun deelhuefen.

Déi éischt Fro, déi ee sech stelle kann ass: Gëtt eist Schoulwiese besser op Basis vum dësem neie Gesetz? Ass eng Equipe besser, well si eng nei Uniform kritt huet? Wärd d'PISA-Etüd besser ausgefall, wann de Conseil Supérieur de l'Education Nationale eng legal Basis gehat hätt?

Déi zweet Fro ass: Kritt dës Equipe, déi virun de Statut vum "Amateur" hat, elo opgrond vum hirem neie Statut, et kann een da vläicht vu Professionalismus schwätzen, besser Iddien an de Kapp, fir eng besser Approche vum Schoulwiesen ze hunn? Et ass méiglech, dass dës Equipe duerch hiren neie Statut, duerch hiren neien Titel besser motivéiert ass wéi virun, nom Motto "Kleider machen Leute". Op jidde Fall ass et ze wënschen, datt eppes ännert, fir net an engem zweete PISA-Waterloo ënnerzegoen.

Dësse Conseil besteet aus 36 Memberen, den Här Scheuer huet vum 38 oder 40 geschwat. Elo sinn ech ganz deroutéiert, Mme Minister, wann Dir eis vläicht do kéint e puer Renseignementer ginn? De Conseil ass méi schlank ginn, 36 Memberen aus véier Richtungen:

1. d'Elteren an d'Schüler;
2. d'Enseignanten;
3. d'Autoritéiten, déi mat der Schoul ze dinn hunn a
4. de Grupp vum der ekonomescher, sozialer, associativer a kultureller Basis.

Ech wëllt hei op e puer Schwaachpunkten hiweisen. 36 Memberen, déi hir Meenung soe sollen a jidderee wäert seng eege Meenung hunn, eng Meenung, déi och grondverschiede si wäert, zum Beispill ass den Intérêt vum de Schüler een anere wéi dee vum Professor, dee vum Inspekter een anere wéi dee vum Sportsvertrieeder. Zu engem gréngen Zweig wäert et hei net oft kommen, duerfir sinn déi Interessengruppen vill ze vill verschidden.

Een anere Schwaachpunkt ass, datt all véier Joer nei Membere gewielt ginn, esou datt de Risiko besteet, dass dësse Conseil déi grouss Orientatioun vum Schoulwiesen, déi bekanntlech laang Zäit brauche bis se ëmgesat ginn, vläicht initiéieren awer iwwert déi intermédiaire Prozeduren net méi matschwätze kënnen, well wéi gesot hiert Mandat ze kuerz ass.

Een drëtten Schwaachpunkt ass, datt, obwuel dësse Conseil breet gefächert ass, dach trotzdeem awer verschidden

Gruppe vu Leit net mat drun deelhuelen, zum Beispill d'Educateuren oder d'Educatricen, d'Personal vum SPOS, d'Chargés de cours an déi eng oder aner Organisatioun, déi Auslänner vertrëtt, wéi d'ASTI oder de CLAE. Et si grad déi heiten Organisatiounen, déi bei der PISA-Etüd de politeschen Acteuren de Virwurf gemaach hunn, datt déi sozial schwach vum Schoulwiesen ausgegrenzt géife ginn. Hei gëtt also erëm de Feeler gemaach, bewusst oder onbewusst, dat sief dohinner gestallt, datt net jiddferen deelhuele kann.

Et ass wouer, datt nom Motto "Viele Köche verderben den Brei" et net einfach ass, fir jiddferen mat un dësem Conseil deelhuelen ze loossen. Eng Saach ass awer sécher, dass deejéinegen, deen net mat drun deelhëlt, sech ausgeschloss fillt a ka sech d'Fro stellen: Firwat sinn ech net do vertrueden? Verschidde Spannunge wäerten also noutgedrungen optauchen. Wa mir elo méi genau analyséieren, wien do alles mat mécht, da gesäit ee verschidden Ongereimtheeten, zum Beispill beim Lehrpersonal sinn zwee Membere vum Enseignement technique virgesinn, awer nëmmen ee Member vum Enseignement classique. Den Enseignement primaire ass och mat zwee Membere vertrueden. Kann d'Mme Minister eis dës Pondérsatioun erklären?

Et gëtt geschwat vum engem Delegéierte vum Gesondheetsministère, dee kompetent an der Schoulmedizin ass. Also ech froe mech, ob et net besser gewiescht wier, fir d'Schoulmedizin nei ze reforméieren, eng Schoulmedizin, déi lamentabel ass. Do gëtt gekuckt wéi schweier a wéi grouss d'Kanner sinn, ob si näischt am Waasser hunn, ob de Réck kromm ass an dat ass bal alles. D'Dauer vum der Consultatioun ass fënnf Minutten, anstatt eng kompetent Preventivmedizin an der Schoul unzebidden. Op jidde Fall ass den Delegéierte vum Gesondheetsministère, wéi et elo ausgesäit, dee falsche Mann op der falscher Plaz, dësen Delegéierte misst am Gesondheetsministère nei Programmer fir d'Schoul ausschaffen an alles anert ass verlueren Zäit.

Eng weider Remarque ass déi vun der Presenz vun engem Vertrieeder vun den unerkannte Reliounen. Wa meng Renseignementer richteg sinn, dann hu mir hei am Land dee kathouleschen, dee protestanteschen, dee jüdeschen an deen arabesche Kult, an de Schoule gëtt awer de chrëschtlech-kathoulesche Kult enseignéiert. Ech ka mer elo schlecht virstellen, datt ee Vertrieeder vun deene véier Reliounen, zum Beispill wann een arabesche Vertrieeder géif gewielt ginn, ech ka mer kee Bild maachen, wat dësen arabesche Vertrieeder am Conseil supérieur vun der Schoul maache géif.

Wat géif hien do proposéieren? Zum Beispill, datt déi arabesch Relioun méi promovéiert gi soll? Oder wat fir aner Propositione géif hien do maachen? Ech wëllt gäre vun der Mme Minister héiere wat de Ministère dozou beweegt huet, fir op dës Wee ze goen. Wat ass de Gedankegang vun der Vermeschung vun dësen Reliounen, déi grondverschidde sinn? Ech sinn der Meenung, datt hei den

éischte Schratt gemaach gëtt, fir datt d'Reliounsstonnen an der Schoul lues a lues verschwannen. Mme Minister, Dir sidd eis hei eng Erklärung schëlleg.

Zum Schluss e puer Wieder iwwert de Geescht vun dësem Gesetz. De Conseil supérieur kritt e legale Kader. Et ass wéi gesot en Organ, deen ee konsultative Charakter huet a verschidde Froe kënnen opgeworf ginn.

Éischtens: Huet den zoustännegen Educationminister nach de Courage, fir eng politesch Entscheedung duerchzeboxen, wann den Avis vum Conseil supérieur negativ ass oder muss den zoustännegen Minister kleng bäi ginn an der Angscht, fir bei den nächste Wahle Stëmme ze verléieren?

Zweetens, ëmgedréint kann et och sinn, datt de Conseil supérieur duerch säi legale Kader eng Alibifonction fir de Minister huet. Ugeholl déi zweet PISA-Etüd géif schlecht Resultater mat sech bréngen, da géif de Minister mam Fanger op de Conseil supérieur weisen, well dee jo déi eng oder aner Orientatioun vum Schoulsystem matgedroen hätt. Wien decidéiert fir d'éischt? Gëtt de Ministère eng Proposition eran a gëtt de Conseil supérieur säin Avis of, oder geet et ëmgedréint, datt de Conseil supérieur iwwer ee Schoulproblem diskutéiert an dann eréischt zitt den Educationministère no?

De Conseil supérieur ass een Diskussionsforum, ee legalen Diskussionsforum. Gëtt d'Schoul duerfir besser? Mir haten am Abrëll en Hearing an der Chamber iwwert d'PISA-Etüd. Jiddferen konnt mat un der Diskussioun deelhuelen. Dat war och eng gewëssen Zort vu Conseil supérieur, dee mir hei an der Chamber haten. Ass eist Gewëssen doduerch méi roueg ginn? Hu mir eis Missioun gemaach? Jo, mir hunn diskutéiert. An elo, wat geschitt dann elo? D'Konklusioun vum PISA-Hearing sollen eréischt am Juli hei an der Chamber gezu ginn. Diskussiounen an Diskussions, vill kostbar Zäit geet verluer, ouni datt um Terrain vill bougéiert. Mir wäerten dës Projet mat stëmmen, mir sinn eis awer bewusst, datt dat heiten net dat Giel vum Ee ass, dat heiten ass net e revolutionäre Gesetzesprojet, deen eng nei Dynamik am Schoulwiese wäert mat sech bréngen. Merci.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Robert Garcia agedroen. Den Här Garcia huet d'Wuert.

M. Robert Garcia (DÉI GRÉNG).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, deen heite Projet de loi hätt sollten deen zweete vu véier Gesetzeswierker sinn, déi haut an der Chamber zum Thema Education diskutéiert hätte solle ginn, mä et ass awer elo deen éischte ginn aus bekannte Grënn.

Dës Projet de loi kéint e Pistouleschoss sinn an enger méiglecher Bildungsoffensiv, mä well et déi Bildungsoffensiv net gëtt klängt e wéi e Kanounendonner. Am Prinzip kann ee selbstverständlech net géint d'Legali-

séierung vun engem scho bestoende Conseil supérieur sinn, dee sech an der Vergaangenheet zwar, wéi scho gesot ginn ass, relativ diskret verhalen huet, awer eng Rei vun interessanten Avisen produzéiert huet.

Et ass souwiso interessant, wa sech déi vill Avisen, Meenungen an Diskussiounen aus der Société civile an engem koherent schaffende Gremium bündele loossen an esou zu Avisen féieren, déi manner duercherneen a manner kontradiktoresch sinn, wéi déi eenzel Avisen, déi heiansdo vun deene verschiddene Partenairë kommen. Allerdéngs geet et net duer, fir een Alibidiskussionsforum ze schafen ouni vill Konsequenzen an ouni vill Impakt, an duerfir ass et wichteg, wann een esou ee Conseil supérieur schafft an analyséiert wat e maache soll, dass een no dräi Kritäre verfiert.

Éischstens: Ass d'Kompositioun équilibréiert a representativ fir d'Acteuren um Terrain? Zweetens: Ass assuréiert, dass déi Avisen och e gewëssenen Impakt op d'Décisionsprozesser an der Chamber an an der Regierung hunn? An drëtzens: Ass d'Prozedur, no där e Conseil supérieur befaasst gi kann, kloer genuch, fir all déi Leit, déi de Conseil supérieur befaasse wëllen an all déi Leit, déi vun deem Conseil supérieur een Avis liese wëllen?

Vun der Kompositioun ass scho vill hei geschwat ginn. Mir hunn an der Kommissioun e Virschlag gemaach, dee refuséiert ginn ass, an duerfir wäerte mir eis bei deem Vote hei enthalten. Et ass kloer, dass een ëmmer soe kann, dass déi eng Leit ze vill dra sinn an anerer ze mann dra sinn. Fir eis sinn zum Beispill déi Représentantë vum Culte ze vill, well mir jo fir d'Entfernung vun der Doctrine aus der Schoul sinn. Mir haten awer suggeréiert - an dat fannen ech elo scho bal wäertneutral -, dass ee wichtige Schoulpartner, deen am Gesetz hei felt, och an de Conseil supérieur erakomme soll, an zwar ass dat all dat Personal, wat net Enseignantë sinn an de Schoulen. Dat sinn haaptsächlech déi Leit, déi am SPOS schaffen, Psychologen a Psychologinnen, Assistants an Assistantes sociaux, Educatricen an Educateuren.

Besounnesch, well am Kontext vun de Structures d'accueil, dat jo no der PISA-Etüd nach méi ee wichtigen Aspekt vum Unterrichtssystem gi soll, ass et kloer, dass deenen Acteuren an Actricen um Terrain ëmmer méi ee grousst Gewiicht zoukënn a mir fannen et wierklech extrem bedauerlech, dass an deem Conseil supérieur déi Leit net vertruede sinn an duerfir, wéi gesot, enthalte mir eis beim Vote vun dësem Projet de loi.

Den zweete Kritär fir d'Effizienz vun esou engem Conseil supérieur ze moossen, ass den Impakt. Ass deen Impakt just, dass ganz vill Pabeier produzéiert gëtt? Dass dee Pabeier a Form vun engem Rapport da virläit, an dass dee Rapport weder am Plenum nach an enger Chamberskommissioun, nach an der Regierung oder an anere Gremien diskutéiert gi kann, wéi dat jo a leschter Zäit üblech ze si schénkt.

Ech erënnere mech zum Beispill, dass mer an der leschter Legislaturperiod ee ganz interessanten Avis vum Conseil supérieur iwwert d'Autonomie scolaire leien haten, deen ënner anerem vu mir oft zitéiert ginn ass an och vun deem deemoleg eenzege Spezialist vun der DP an der Matière Education, dem Här Berger, ganz oft an d'Feld gefouert ginn ass. Ech wollt eemol nofroen wou deen Avis läit, ob dee schonn iergendwann eng Kéier berücksichtegt ginn ass an den Aarbechte vun der Regierung. An dat féiert mech eben zu där Fro, déi ech am Ufank gestallt hunn: Wéi ass et assuréiert, dass déi Avisen vun deem Conseil supérieur net an engem Tirang verschwannen, mä dass déi e gewëssenen Impakt hunn?

Deen drëtze Kritär ass selbstverständlech dee vun der Prozedur. Mir fannen et natierlech gutt, dass dee Conseil supérieur net nëmmen een Avis gëtt op Demande vum Minister, mä och aus eegene Stécker. Allerdéngs ass et e bësse kurios, wann een am Artikel 3 liest: "Les rapports du conseil avec le Gouvernement, la Chambre des Députés et le Conseil d'Etat et toutes les autres autorités publiques ont lieu par l'intermédiaire du ministre."

Dat heescht also datt, wann een de Conseil supérieur mat enger Saach befaasse wëllt, da muss ee fir d'éischt iwwert de Minister oder d'Ministesch fueren an duerfir stellen ech mer dann d'Fro, wéi déi Prozedur dann elo ass. Ech huelen elo einfach e konkret Beispill: Ech hat jo virdru gesot, dass a leschter Zäit de Problem vun de Structures d'accueil ënner anerem och an de Primärschoulen ee ganz wichtige Problem ass. De Spezialist den Här Andreas Schleicher huet jo a senger Konferenz anscheinend kloer gemaach, dass déi Länner besounnesch erfolgreich waren, wou Structures d'accueil effizient funktionéieren a mir wollten als Fraktioun eigentlech och elo direkt, wann de Conseil supérieur agesat ass, de Conseil supérieur befaasse mat engem Avis iwwer eng Proposition de loi, déi mir virun zwee Joer agereecht haten, nämlech iwwert d'Schafung vu Structures d'accueil, fir déi Kanner, déi de Primärunterricht fréquentéieren.

Mir wollten do zum Beispill de Conseil supérieur froen, wéi hien zu deene Propositionen an där Proposition de loi steet, well verschidden Acteuren, déi och an deem Gremium de Moment sinn, schonn an der Vergaangenheet ähnlech Vueën an där Matière haten, an déi hu sech och ausgeschwat fir eng flächendeckend Offer vu Structures d'accueil am Primärberäich. Zum Beispill wollte mer dann d'Membere vum Conseil supérieur froen:

1. ob si och fanne géifen, dass et nützlich wär d'Gesetz vun 1912 iwwert d'Schoulorganisatioun dohigehend ze reforméieren, dass d'Structure d'accueil an och den Droit un d'Structure d'accueil Partie intégrante wäer vum Droit vun den Elteren, dass hir Kanner eng öffentlech Schoul besiche kënnen;
2. ob si och domat d'accord wäeren, dass deen Droit un d'Structure d'accueil zwar keng Obligatioun fir all Kanner géif beinhalten, fir déi Structure fréquentéieren.

eren ze müssen, an och keng Gratuitéit vun där Offer, mä dass d'Elteren décidéiere sollen, ob hir Kanner à plein temps, à temps partiel oder iwwerhaapt net déi Structures d'accueil fréquentéiere sollen;

3. ob si och der Meenung wären, dass déi Structures d'accueil missten obligatoresch an alle Gemengen installéiert ginn an engem Délai zum Beispill vu 6 Joer, wéi mir et proposéiert hunn, sou dass et net nëmmen sou ass wéi de Moment, dass mol knapps d'Halschent vun de Gemengen déi Structures d'accueil offréieren, mä dass all d'Gemengen innerhalb vu sechs Joer déi Structures d'accueil kéinten offréieren;
4. ob se och där Meenung sinn, dass déi Structures d'accueil am Enseignement primaire sollen op alle Plages horaires extérieures vun der normaler Schoulzäit, also och an de Vakanzen oder zumindest an engem Deel vun de Vakanzen, sollte funktionéieren.

Wat e wichtege Aspekt ass, an ech denken dass, och well d'Elteren an deem Conseil supérieur vertraue sinn, et interessant wär ze diskutéieren, a wéi enge Lokaler déi Structures d'accueil sollen installéiert ginn, ob déi Lokaler sollen an der Schoul sinn oder ob separat Lokalitéiten an de Gemenge solle gebaut ginn. Wann déi Lokalitéiten net grouss genuch wären, am Ufank, dass een awer soll dofir suergen, dass déi kéinte spéider ausgebaut ginn.

E wichtege Aspekt och, wou sech de Conseil Supérieur de l'Education Nationale sech kann domat befaassen, ass d'Fro, wat an esou Structures d'accueil am Primaire soll ugebuede ginn, ob et just e Volet vu Garde d'enfants ass oder vu Kantin, oder och eng Rei vun Aktivitéiten, déi mat der Schoul liiert sinn, zum Beispill d'Cours d'appui, Etude dirigée, Ecole des devoirs, Travail individuel, an als drëtten Punkt natierlech och eng breet Offer vun Activités périscolaires, zum Beispill pedagogescher, sportlecher, spillerecher, kultureller a sozialer.

De Conseil supérieur wäert sécherlech och interesséiert sinn en Avis ze ginn, wéi déi Gestiouen vun deene Structures d'accueil soll funktionéieren, ob dat op fräiwëlleger Basis soll passéieren oder ob soll e qualifizéiert sozio-pedagogescht Personal sech domadder beschäftegen, an dass déi och deementspreechend solle vun de Gemenge bezuelt ginn an och no entspreechende Règlements grand-ducaux soll gesuergt ginn, dass se op dee selwechten Niveau an alle Gemenge vum Land assuréiert ass.

Une voix.- Mengt Der, de Conseil supérieur géif déi do Aarbecht maachen?

M. Robert Garcia (DÉI GRÉNG). - Ech géif mengen, well an der Chamber ass jo scho bal zwee Joer doriwwer diskutéiert ginn, sou dass de Conseil supérieur schonn eng gewësse Viraarbecht do leien huet, an ech sinn och sécher, dass de Conseil supérieur déi Dokumenter, déi an der Chamber vläicht verluere gaange sinn a verschiddene Beräicher, dann och wäert fannen a wann net, da kréien se se zougespillt.

Wat och sécherlech interessant ass, mir hu jo och Acteurs économiques an deem Conseil supérieur da sëtzen, dat ass déi Fro vum Finanzement vun de Structures d'accueil. Et kéint een zum Beispill soen, d'Frais d'investissement an d'Frais de fonctionnement kéinten à part égale vun der Gemeng, vum Stat a vun den Eltere finanziert ginn. Bei der Participatioun vun den Eltere misst natierlech gekuckt ginn no hirer sozialer Situatioun an dat wär kloer, well et kann een net déi Leit diskriminéieren, déi net Revenuen hu wéi anerer.

Et ass jo ausgerechent ginn an enger Proposition de loi hei, déi virun zwee Joer deponéiert ginn ass, dass den Investissement fir esou Structure d'accueil ongeféier, op sechs Joer gesinn, aacht Milliarde Lëtzebuerger Frang géif bedreiwen, alos d'Duebelt vun deem Projet de loi, dee mer herno hunn iwwert eng Sportshal, an dass fir de Budget supplémentaire, fir de Budget extraordinaire vum Stat, eigentlech nëmme géif 17,5 Milliounen Euro oder 700 Milliounen Lëtzebuerger Frang betreffen.

Et ass och ausgerechent ginn, dass d'Frais de fonctionnement pro Joer vun de Structures d'accueil net méi géife wéi 1,8 Milliarden anciens francs, also 45 Milliounen Euro bedroen, wat eng Augmentatioun vum Budget ordinaire vun der Education nationale vun nëmmen 3% géif duerstellen. Ech sinn iwwerzeegt, dass de Conseil supérieur géif och mengen, dass déi Augmentatioun net grouss wär par rapport zu deem groussen Impact, dee mer kéinte mat de Structures d'accueil erreechen.

Et ass also esou, dass mir déi Proposition de loi iwwert d'Structures d'accueil, déi jo net därerf an der Chamber diskutéiert a votéiert ginn, dem Conseil Supérieur d'Education Nationale da wäerten ënnerbreeden, a mir hoffen, dass d'Ministesch - well si jo dann zoustännech ass fir déi weiterzeleeden, mir kënnen hinnen se jo net direkt weiterleeden - sou fair ass, wéi se am Ufank virun engem Joer scho war, an déi Proposition de loi da wäert weiterleeden, fir datt déi Diskussioun iwwer ee vun de wichtege Theme vun der Schoulpolitik am Post-PISA-Ära, nämlech déi iwwer Structures d'accueil, net nëmmen an der Primärschoul, mä och an alle Beräicher ka fruchtbar weitergefouert ginn.

An deem Sënn soen ech lech merci fir Är Opmierksamkeit an ech soen, dass eis Fraktioun sech bei deem Projet hei wäert enthalen.

(Interruptions)

M. le Président.- D'Wuert huet elo d'Erzéiungsministesch, d'Mme Anne Brasseur.

Mme Anne Brasseur, Ministre de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports. - Här President, Dir Dammen, Dir Hären, ech wëll allen Intervenantë villmools merci soen, a besonnesch der Mme Durdu als Rapporteur an als President vun der Commission de l'Education nationale.

Dat hei ass e Projet, dee wuel nëmmen d'Insider vum Schoulwiese ka begeeschten, mä et ass awer e wichtige Projet, well mer enger Institutioun, déi et scho seit de sechzeger Jore gëtt, elo eng Base légale ginn.

Et ass wichteg, dass e Conseil supérieur eng Base légale huet an dat ass de But vun dësem Gesetz. Deen zweete But, dat ass awer och deen, an dofir hu mer de Règlement grand-ducal bäigeluegt, dass déi Représentanten équilibréiert dra vertruete sinn an dass d'Zuel och vun deene Memberen, déi do dra vertruete sinn, soll raisonnable bleiwen, fir dass dat Ganzt nach gérabel bleift an dass et och en effikass Instrument ass. Dat drëtt, dat si Strukturen, déi mer ons musse ginn, fir dass dee Conseil supérieur effikass ka schaffen.

Ech wëll awer soen, dass, och wa bis elo keng Base légale do war, de Conseil supérieur eng ganz wäertvoll Aarbecht gemaach huet an iwwer eng ganz Rei vu Sujeten Avisen ofginn huet. Dat ass en Organe consultatif vum Minister, well wann ee méi Conseilen nach dertëscht schalt, bei all deene Consultatiounen, déi ee soss nach muss maachen, da verléiert een un Effikassitéit. Et kann een nun eemol net probéieren, alles duerch x Kommissiounen, Conseilen ze dréinen an ni zu enger Décisioun ze kommen.

Et ass esou, dass et e Conseil ass, deen Avisen ofgëtt, mä et ass selbstverständlech um Minister d'Décisiounen ze huelen, déi dem Conseil de Gouvernement ze proposéieren, an dann hei an der Chamber ofstëmmen ze loossen, wann et sech dann ëm eng legislativ Aarbecht handelt.

Ech wëll soen, dass déi meescht Virgehensweisen an der Educatioun sech net duerch d'Gesetz maachen, mä dass dat sech um Terrain mécht, wou d'Aarbecht jo och am Wichtigsten ass.

D'Base légale schafe mer also domat: Wat ass eng verstänneg Zuel, fir esou ee Conseil un d'Fonctionnéieren ze kréien? Mir hunn e Conseil supérieur d'Education physique et des Sports, déi woren zu 21. Deen ass op 13 Memberen erofgaang, déi hunn dat selwer initiéiert, well se selwer fonnt hunn, da kënnen se méi effikass schaffen. Och do si verschidde Leit, déi virdrun dra représentéiert woren, net méi dra représentéiert, mä de Conseil supérieur selwer ass awer frou, dass en elo eng Basis huet, wou e besser ka schaffen.

An deem Conseil supérieur, wéi en elo bestanen huet, woren 42 Verrieder. Et ass elo virgesinn, der 36 ze hunn. Wat ee méi mat der Zuel eropgeet an et seet een, et wier awer och nach gutt e Verrieder vun dësem ze hunn, an e Verrieder vun deem, da kréie mer eppes wéi e Parlament, an ech weess net, ob dat am Intérêt vun der Effikassitéit ass.

Wa gesot gëtt, et muss all Sensibilitéit erakommen, dann hu mer duerno och dass gefrot gëtt, dass och Verrieder vun all Sproocherichtung oder vun de Sciencen

erakommen. Or, dat ass net de Sënn vun deem Conseil supérieur. Esou gutt d'Virschléi gemengt sinn, dat nach op deen een oder deen aneren auszeweiten, mengen ech, géing dat awer op d'Käschte vun der Effikassitéit goen.

Am Projet de loi steet jo och net, wéi déi Représentanten solle sinn, mä dat steet am Règlement grand-ducal. Et sinn eng ganz Partie vu Suggestiounen vun der Kommissioun gemaach ginn, eng ganz Partie Suggestiounen och vum Conseil d'Etat gemaach ginn, sou dass mer an de Règlement grand-ducal wäerten amendéieren, ier en dann definitiv ugeholl a publizéiert gëtt. Well dee Règlement grand-ducal ka jo réischt geholl ginn op Basis vun deem hei Gesetz, sou dass mer deen direkt wäerten amendéieren, zum Beispill wat de Verrieder vun de Gemengen ubelaangt. Mä alle Wënsch kënne mer net Rechnung droen, soss ass den Equilibre erëm fort. Vu véier Gruppe mat néng Représentanten, wa mer do un deen Equilibre ginn, da kréie mer erëm ee Gremium, dee vill méi grouss ass, an dat ass net am Intérêt vun der Effikassitéit.

Dat drëtt, dat sinn d'Strukturen. Dir hutt gelies, dass e Secrétaire administratif dohinner kënnt an dass do och nach Adjointe kënne genannt ginn. Wéivill Leit dat si kann ech elo net soen, dat hänkt vun der Aarbechtsweis of vun deem Conseil, deem ech gär géing d'Méiglechkeet ginn, selwer ze bestëmmen, wéi säi Rythme de croisière ass a wéi hie wëllt schaffen, an da musse mer d'Moyenen dofir selbstverständlech zur Verfügung stellen.

Et ass awer esou - an dees muss een sech och bewusst sinn -, dass all déi Leit, déi an deem Conseil sinn, Leit sinn, déi dat an iergendenger Qualitéit maachen, also haaptberufflech eppes anescht ausüben, a wann een hinnen ze vill opleet vun Avisen, da komme se net virun, well se dat jo awer net kënnen haaptamtlech duerchféieren.

Mir wëllen och elo e Bureau institutionnaliséieren, well et wichteg ass, dass d'Affaires courantes awer vun engem Groupe restreint gemaach ginn.

Och wëll ech vun dëser Geleeënheet profitéieren, deene Membere merci ze soen, déi am Laf vun deene Joren elo ganz gutt Aarbecht am Conseil supérieur gemaach hunn, an dat sinn déi successiv Presidenten, mä dat sinn och d'Membere vum Conseil supérieur.

Et sinn eng Partie Froe gestallt ginn, op déi ech mengen elo schonn zum Deel geäntwert ze hunn. Ech wëll soen, dass dat hei awer näischt mat PISA ze dinn huet, dass dee Projet de loi hei virdu schonn initiéiert gi wor a sécherlech musse mer dauernd un der Qualitéit vun der Schoul schaffen. De Conseil supérieur hëlleft ons dobäi, mä och duerch eng Base légale vum Conseil supérieur soll ee sech keng Illusiounen maachen, doduerch ginn d'Schoulresultater net anescht.

Do ass et um Terrain, an de Programmen, wou mer musse schaffen, an dat ass jo och hei gesot ginn. Dat hei ass eng Struktur déi mer ons ginn, mat enger Basis wäert awer um Schoulwiesen a sech näischt änneren.

Et ass gesot ginn et wier eng Chance. Jo, et ass eng Chance. Et muss een deem neie Conseil supérieur och déi Méiglechkeeten da ginn, déi e brauch.

Et ass gefrot ginn: Wat ass de Wäert vun esou engem Avis? Jo, et ass ëmmer nëmmen en Avis. Et ass de Minister, dee seng Responsabilitéit muss huelen. E soll sech berode loosse. Mä e Minister, egal wien et ass, ka sech net bremse losse vun engem Gremium. E soll nolauschteren, mä e muss nach ëmmer zu senge Convictionne stoen, well wann een dat net mécht, da géinge mer jo schonn duerch deen Avis aner Instanzen court-circuitéieren, sou dass et ëmmer nëmme kann eng berodend Fonction hunn a bestëmmt keng décisive Fonction, well soss géinge mer d'Responsabilitéit vun der Aktioun jo verlageren op e Gremium, deen net dofir geschafen ass.

(Interruption)

Här President, den Här Fayot wëllt nach eng Fro stellen.

M. le Président.- Ja. Den Här Fayot huet d'Wuert.

M. Ben Fayot (LSAP).- Mme Minister, ech wollt just froen, déi Avis vum Conseil supérieur: Ass et assuréiert am Text, dass déi verëffentlecht ginn?

Mme Anne Brasseur, Ministre de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports.- Dat ass net assuréiert am Text, dass se verëffentlecht ginn, well et ass en Organe consultatif fir de Minister.

Ech wëll lech och soen: Een Avis dee se ginn hu virun engem Joer, dat ass iwwert d'Rythmes scolaires. Do hu se proposéiert, am Conseil supérieur, dass Semesteren amplaz Trimesteren sollen ageféiert ginn. Do kumt déi ganz Diskussioun jo op.

Dat ass eppes, wat ech net iwwerholl hunn, well ech gesot hunn: D'Zäit ass net räif, fir elo doriwwer ze diskutéieren. Mir hunn aner Problemer wéi iwwert d'Vakanzenuerdnung ze diskutéieren. Sou dass ech deem Avis an deem Zäitpunkt net Rechnung gedroen hunn. Ech verschlësse mech selbstverständlech net enger Diskussioun.

Da wollt ech zum Schluss nach soen: Et ass da probéiert ginn, iwwer eng aner Proposition de loi hei ze schaffen. Selbstverständlech kann de Conseil supérieur, wann e sech wëll saiséieren oder ech e saiséieren, och säin Avis zu deem oder zu deem anere Punkt ginn.

Wat d'Autonomie ubelaangt, esou ass deem och Rechnung gedroe ginn. Deemnächst wäert ech een Text fir d'éischt an de Regierungsrot ginn, an dann an d'Consultatioun iwwert d'Struktur vun deene verschiddene Lycées, wou och iwwert d'pedagogesch an d'finanziell Autonomie vun de Schoulgebaier riets geet. Finanziell

Autonomie, dat heescht net datt se solle vu bausse gesponsert ginn - e Sponsor fir Schoule fënnt ee keen -, mä dass se sollen en bon père oder en bon parent de famille d'Suen, déi hirer Schoul zegutt kommen, géréieren.

Ech wëll nach eng Kéier merci soen fir déi bal Unanimitéit, déi mer hei fir dëse Projet de loi kréien. Dat hei ass ee klengt Stéck an deem ganz grouse Puzzle vun der Educatioun, mä et ass nëmmen e Stéck, mä et ass awer op d'mannst dat, an dat muss an all déi aner Stécker, déi mer amgaang sinn zesummen ze droen, sech areien.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 bis 4 si gelies an ugehall.

Mir maachen de Vote vum Projet de loi 4805.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthalen sech.

De Projet de loi ass mat 54 Jo-Stëmme bei 5 Enthaltungen ugehall.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler (par M. Marcel Glesener);

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par Mme Maggy Nagel), Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Emile Calmes), Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helming (par M. Xavier Bettel), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer (par M. Gusty Graas) et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux (par M. Marc Zanussi), Mme Lydia Mutsch (par M. Mars Di Bartolomeo), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par M. Alex Bodry) et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Se sont abstenus: MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. Robert Garcia).

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Et ass esou décidéiert.

Mir kommen zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour, d'Diskussioun vum Projet de loi 4860. D'Wuert huet d'Rapportrice, d'Mme Agny Durdu.

5. Projet de loi 4860 portant modification de la loi modifiée du 22 juin 1999 ayant pour objet

- 1. le soutien et le développement de la formation professionnelle continue;**
- 2. la modification de la loi modifiée du 28 décembre 1988 réglementant l'accès aux professions d'artisan, de commerçant, d'industriel ainsi qu'à certaines professions libérales**

Rapport de la Commission de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports

Mme Agny Durdu (DP), rapportrice. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, bei dësem Gesetzesprojet handelt et sech ëm dräi ganz prezis Ëmännerunge vum Gesetz iwwert d'Formation professionnelle continue vum 22. Juni 1999 an dem Gesetz vum 28. Dezember 1988 iwwert den Accès zu de Professions libérales a fir Artisan a Commerçant.

Dëse Projet ass de 24. Oktober 2001 déposiert an an der Kommissioun den 28. Februar 2002 analysiert ginn. Mir haten zu eiser Dispositioun d'Avis vum der Chambre d'Agriculture, vum der Chambre de Travail, der Chambre des Métiers, der Chambre des Employés privés. De Statsrot hat säin Avis den 29. Januar vun dësem Joer ofginn.

Ëm wat geet et hei? D'Gesetz iwwert d'Formation continue, wat 1999 agefouert ginn ass, erfreet sech engem groussen Zoulaaf. Ganz vill Projete kommen an de Ministère eran, wou Formation continue ugebuede gëtt, wouriwwer ee sech am Prinzip nëmme freeë kann. Et ass awer esou, dass an der Praxis bestëmmte Problemer opgetratt sinn, déi de Ministère dozou bruecht hunn, fir dëse Projet de loi anzebréngen.

Wat fir eng dräi Modifikatiounen schloe mir elo als Kommissioun vir?

1. Fir den Agrément préalable vum Minister ofzeschaffen. Den Artikel 5 vum dem jëtzege Gesetz gesäit vir, dass, wann ee Projet de formation continue agereecht gëtt, ier e ka fräi gi ginn zur Subsidiatioun, e muss den Agrément préalable vum Minister kréien. An der Realitéit huet sech erausgeschield, dass et onméiglech ass, esougutt fir de Ministère wéi fir den Demandeur vu Formation continue, fir dësen Agrément préalable ze kréien, respektiv en ze huelen. Et sinn einfach pragmatesch Problemer, déi derzou gefouert hunn, dass dëst eng "exigence intenable" ass, wéi ech dat a mengem Rapport geschriwwen hunn, esou dass d'Schlussfolgerung vum Ministère wor, fir deen Agrément préalable erauszehuelen.

All d'Chambres professionnelles, déi consultéiert gi sinn, hunn heizou e positiven Avis ofginn. De Statsrot och, esou dass mir an der Chamberskommissioun zur Konklusioun komm sinn, mir sollten op dësen Agrément préalable renoncéieren. De Statsrot huet souguer virgeschloen, fir dass déi Iddi vum Agrément sollt alléigiert ginn, een net nëmme sollt de "préalable" sträichen mä och d'Wuert "agrément" duerch "approbation" ersetzen, wat mer an der Kommissioun als Suggestioun zrëckbehalen hunn.

2. D'Asetze vun enger Commission consultative. Och hei sinn an der Praxis Problemer opgetratt, well de Ministère de l'Education nationale, wann en déi Projeten, déi erakommen, évaluéiert an analyséiert, fir se zu engem Ofschluss ze bréngen, gesinn huet, dass him bestëmmte Connaissancë ganz einfach feelen. Dofir kann een dem Ministère de l'Education nationale kee Reproche maachen, well et kann ee jo net Spezialist an alle Matière sinn, an dofir ass virgeschloen ginn, dës Commission consultative anzesetzen. An dëser Kommissioun soll e Représentant vum Ministère de l'Education nationale sinn, ee vum Ministère du Travail, ee vum Ministère des Classes moyennes, ee vum Ministère de l'Economie an zwee Représentantë vum Ministère des Finances, wouvun ee vun der Steierverwaltung soll sinn. Dës Représentantë gi fir eng Durée vu fënnef Joer genannt.

D'Chambres professionnelles hunn dozou e positiven Avis ofginn. De Conseil d'Etat ass e bësse méi skeptesch. Ech kann dozou vläicht d'Virgeschicht soen. Ier d'Gesetz vun 1999 gestëmmt ginn ass, hat de Statsrot a sengem Avis dervun ofgeroden, fir esou eng Kommissioun anzesetzen. D'Chamber wor deemools deem Avis nokomm, mä im Nachhinein stellt sech awer eraus, dass et wichteg gewiescht wär, wann de Ministère vun Ufank un esou eng Kommissioun gehat hätt.

De Statsrot argumentéiert, dass et net néideg wär esou eng Kommissioun anzesetzen, well all Ministère hätt d'Méiglechkeet, fir bei senge Kollege Ministeren déi néideg Informatiounen ze froen. E gesäit och nach eng Entrave un der Séparation des pouvoirs, well e seet, d'Chamber géif am Fong geholl der Regierung be-